

Campingtour 2021 vum 22.-29. Mee.

Et ass schonn en Traditionstour, dee mir leider 2020 net konnte fueren.

Fir dëst Joer ass en awer erëm geplangt.

Mir fueren **Samschdeg, den 22. Mee, um 8:30 zu Esch op der Esso Statioun, 59 rue d'Audun fort**, no annerhallwer Stonn maache mir eng kleng Paus. Géint 12:30 - 13:00 ginn mir iessen, oder picknicken an och tanken (+/-270 km), ¾ Stonn Openthalt an dann de Rescht an dem selwechte Rhythmus, esou dass mir tëschent 17:00 an 18:00 wäerten um **“Camping Le Daxia”, route du Péage, 38370 Saint-Clair-du-Rhône, www.campingledaxia.com** ukommen.

Fir duerch Lyon ze fueren huelen mir d' Autobunn (100km). Am Ganze sinn et 550 km.

Ob dësem Camping riichten mir eist Zelt just fir eng Nuecht op a ginn eng gutt Pizza an de Restaurant vum Camping nammen.

Sonndes moies geet et dann weider op eisen Haaptcamping **“Camping Rendezvous Moto”, route de Joncels, 34650 Lunas** (346 km) www.camping-rendezvous-moto.com, wou mir 5 Deeg bleiwen. Den Didier an Christine kachen all Dag frësch fir eis.

Do hanne sinn et Strecken vun 250-299 km, Zäite fir Fotoen an lessen sinn ageplangt.

Mir kurven duerch Cevenen, Languedoc, Tarn, an mir fueren och eng kéier bis op Carcassone an Émgéigend. Mëttes gi mir a kleng Restauranten oder mir maachen e Picknick.

Mir bleiwen do bis **Freidesmueres** an dann geet et leider erëm **Richtung Heem**, bis op den **“Camping Les Plages de l'Ain”, 1, chemin du Stade, 01800 Saint-Maurice-de-Gourdans** www.campingain.fr.

Samschdes moies fueren mir dann zeréck op Lëtzebuerg a ginn owes als Ofschloss nach eppes iessen.

Virun der Umeldung: w.e.g. bei mir nofroen op nach Plaz ass. Ech huelen maximal 10 Motoe mat!
An dann ass natierlech och een Acompte vun 200 € un de Club ze iwwerweisen.

BCEE LU90 00195155 1954 3000 – CCPL LU37 1111 0898 8967 0000

Fir mat ze fueren solls du schonn e bëssen Erfahrung matbréngen, well et jo och all Dag genuch Kilometer sinn, an dat op klenge Stroossen mat genuch spatze Kéieren.

Fir weider Froen, mell dech einfach bei mir per Mail claudemuller58@gmail.com oder

um Tel: **00352 621 160 389**

Hei nach e puer Andréck vun 2018 an 2019

Claude



